PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Rezent huet Frankräich als éischt Regierung déi aacht "UN Open Source Prinzippien" offiziell ënnerstëtzt. Dëst ass eng wichteg Initiativ vum UN Open Source United, déi e Kader fir d'Benotzung, d'Entwécklung an d'Deele vun Open Source Software innerhalb vun de Vereenten Natiounen a weltwäit fërdert.

Digital Onofhängegkeet ass haut e kritesche Faktor fir d'Souveränitéit vun engem Land. Open Source Software ass dobäi e Schlësselelement, fir technesch Ofhängegkeete vu grousse proprietäre Software-Ubidder ze reduzéieren a staatlech Infrastruktur méi resilient, sécher an nohalteg ze gestalten. Duerch Open Source hätt och Lëtzebuerg d'Méiglechkeet, méi Kontroll iwwer seng digital Infrastruktur ze behalen an d'Onofhängegkeet vum Land ze stäerken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Lëtzebuerger Regierung informéiert iwwer dës UN Open Source Prinzippien?
2. Plangt d'Regierung, dës Prinzippien ze ënnerstëtzen, änlech wéi Frankräich et gemaach huet? Falls net, wat sinn d'Grënn dofir, besonnesch am Hibléck op d'Wichtegkeet vun Open Source fir eis digital Souveränitéit a fir d'Reduktioun vun der Ofhängegkeet vu proprietäre Softwareléisungen?
3. Wéi eng Roll spillt Open Source Software an der aktueller an zukünfteger Digitaliséierungsstrategie vu Lëtzebuerg?
4. Wéi steet d'Regierung zu der Ëmsetzung vum "Open by default" Prinzip an ëffentlechen Administratiounen a staatleche Projeten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten